**N° 220**
Reçue le 18.05.2021

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 18.05.2021 wéilt ech dem Minister fir Bildung eng mëndlech Fro stellen.

Fir méi Persounen en Zougang zum Educateursdiplom ze erméiglechen, soll de Bildungsministère un enger "Passerelle 1GSO vers le diplome d'educateur" am LTPES schaffen, déi et Absolvente vun enger 1ére générale, Section Sciences sociales, soll erlaben, direkt an d'Ofschlossjoer vun der Ausbildung vum Educateur ze sprangen.
Esou sollen zwee vun dräi Ausbildungsjoer an domat verbonnen och 15 Wochen Stagen iwwerspronge kënne ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Ass et richteg, dass de Ministère un esou enger "voie rapide" schafft?
- Falls jo, ass et richteg, dass zwee vun dräi Joer an och déi domat verbonne Stage sollen iwwerspronge kënne ginn?
- Kann de Minister schonn eppes Konkretes iwwert de Projet soen? Ass scho geplangt wéini de Projet soll ëmgesat ginn a mat wéi ville Schüler an enger éischter Phas?
- Wéi wäert garantéiert ginn, dass och d'Schüler vun där "voie rapide", déi néideg praktesch Erfarunge maache kënnen a gläichzäiteg all déi fir de Beruff wichteg theoretesch Inhalter vermëttelt kréien?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député